# De Lëtzebuerger Bësch



3-2017

Bettembourg
Port payé
PS/050

# De Wood Cluster, fir eng regional Wäertschätzung vun eisem Holz

Nieft sengen sozialen an ökologeschen Funktiounen produzéiert eise Lëtzebuerger Bësch och een nohaltegt Material, d'Holz. Den jäerlechen Zouwuess vum Holz an eise Bëscher läit bei 750.000 $m^3$ (Quell: La forêt luxembourgeoise en chiffres, ANF, 2017) wouvun an der Moyenne eng 500.000 $m^3$ vun de Bëschbesëtzer gehae ginn. Ekonomesch gesinn kann een eise Bësch also mat dem Kapital vergläichen, an den Zouwuess mat den Zënsen deen dësen Kapital generéiert. Global gesinn ass dëse System nohalteg well mir net méi wéi d'Zënsen notzen. Nohalteg ass och d'Bësch-Bewirtschaftung zu Lëtzebuerg, déi ob enger grousser Fläch och duerch d'Bëschzertifizéierungen PEFC an FSC kontrolléiert gëtt.



D'Holz aus de Lëtzebuerger Bëscher, gëtt jee no Qualitéit, ënnert verschiddenen Zorten verkaf:

-d'**Stammholz**, also Holz vun héijer Qualitéit, geet an d'Säereien a gëtt am Prinzip am Bau, Miwwelbau oder fir aner eedel Zwecker genotzt. Aktuell gëtt 25% vum Holz zu Lëtzebuerg als Stammholz verkaf.

-d'**Industrieholz**, vu mannerwäerteger Qualitéit, geet an di grouss Industrien, wéi Kronospan fir Panneau'en ze maachen resp. bei Burgo Ardennes fir Pobeier hierzestellen. D'Industrieholz läit zënter Joren bei ongeféier 50% vum Verkaf.

- den Undeel vum **Energieholz** huet an de leschten Joren kontinuéierlech zougeholl a läit am Moment bei 25% vun den Venten. Dëst Holz gëtt ënnert Form vun Kouerten u Privatleit verkaf an ee grossen Deel gëtt och vun de Gemengen als Hackschnitzel a kommunalen Anlagen verbrannt. Ee klengen Deel gëtt och genotzt fir d'Pellets-Produktioun wéi z.b. bei Kiowatt um Rouscht.


## D'Holz-Filière zu Letzebuerg

Wann d'Holz bis um Marché ass, duerchleeft et verschiddenen Secteur'en, déi d'Holz weiderverschaffen an di verschiddenst Produiten doraus fabrizéieren. Mier schwätzen hei vun der „Holz-Filière". Dës Filière kann als Kaskadennotzung duergestallt ginn, well d'Holz, als nohaltegt Material, och recycléiert a weiderverwäert ka ginn. Wat d'Holz à la base eng gréisser Qualitéit huet, wat des Kaskadennotzung méi laang ka sinn. Esou ass d'Kaskadennotzung vum Energieholz zum Beispill ganz kleng.

Bei all Etapp an dëser Filière gëtt eng Plus-Value geschaafen, an bei all Etapp hänken Entreprisen an Aarbechtsplazen drun. Éischte Schätzungen no, gëtt et zu Lëtzebuerg eng 1.500 Entreprisen an 10.000 Arbechtsplazen déi direkt oder indirekt um Holz hänken. De Bausecteur ass hei dee gréissten Secteur (Schräinereien, Daachdecker, Holzbaufirmen…). D'Holz-Filière, déi een nohaltegt Material weiderverschafft, ass modellhaft wat d'Kreeslafwirtschaft ugeet a spillt eng wichteg Rôle am Kader vun den nationalen Froen ronderëm den Klimawandel an d'$CO_2$-Reduzéierung.

De Marché vum Holz zu Lëtzebuerg kennt zënter enger Rëtsch vu Joren eng gewëssen Unzuel vu Schwieregkeeten. Esou stëmmt d'Offer an d'Demande net iwwerteneen, den Import vu fäerdege Produiten an den Export an di asiatesch Länner zemools wat eis Bichen ugeet, huelen zou an d'Filière ass zerspleckt .

D'Holz ass ee vun deenen eenzegen natierlechen Rohstoffer dee Lëtzebuerg nach, ob iwwert engem Drëttel vu senger Fläch, produzéiert, an et ass wichteg dass dësen nohaltegen Produit erëm eng regional Wertschätzung fënnt. Fir dës Froen zu Lëtzebuerg unzegoen, ass d'lescht Joer entscheet ginn, ähnlech wéi an eise Grenzregiounen, ee Cluster ze grënnen dee sech mat der Holz-Filière befaasst, den Luxembourg Wood Cluster.




*D'Kaskadennotzung an der Holz-Filière*

## Wat ass een Cluster?

D'Grondiddi vun engem Cluster ass et regional an innovativ Acteuren ronderëm een Dësch ze bréngen an zesummen do weider ze kommen wou et eenzel ganz schwiereg respektiv onméiglech wier. Zesumme méi staark kéint een de Moto vun engem Cluster beschreiwen.

Am Kader vum Wood Cluster kommen d'Acteuren aus dem ëffentleche Beräich (Ministèren., Verwaltungen, Recherche, Formatioun…) an virun allem aus dem Privatsecteur (Bëschbesetzer, Firmen aus den verschiddenen Secteur'en…) zesummen. Mier sinn an engem konkurrenzielle Milieu an dofir ass d'Vertrauen een vun den wichtegsten Facteuren iwerhaapt. Et sinn d'Memberen déi selwer vun ënnen erop d'Projete an Objektiver festhalen, mat dem Endziel fir erëm regional eist Lëtzebuerger Holz ze verwäerten an di regional Wertschätzung bei den Entreprisen ze erhéijen.

LUXEMBOURG WOOD CLUSTER

De Fonctionnement vum Wood Cluster zu Lëtzebuerg besteet aus dräi groussen Unit'éiten:

- **Cluster Board:** dëse Comité besteet aus 10 Leit déi d'Holz-Filière representéieren. Hei sinn esouwuel ëffentlech Instanzen vertrueden (MECO, MDDI, ANF, …), wéi och Privatfirmaen (SGI ingénieurs, Witry & Witry, Steffen Holzbau, Bois Brever, Centre de compétences…) an de Privatbësch ass representéiert duerch hire President, den Hubert de Schorlemer. Dëse Gremium setzt de Kader an d'Strategien vum Cluster fest. De President vum Wood Cluster ass den René Witry, Architekt a Grënner vum Bureau Witry&Witry déi och am Holzbau spezialiséiert sin.
- **Cluster Management:** de Wood Cluster ass bei Luxinnovation ugesidelt, di national Agence fir Innovatioun. Luxinnovation huet schon eng laang Erfarung am Cluster Management an zënter Abrëll ass de Philippe Genot de Wood Cluster Manager. De Cluster Manger ass responsabel fir di deeglech Gestioun, de Suivi an d'Ëmsetzen vun de Projet'en an d'Promotioun ronderëm d'Holz.



*Den Wood Cluster Manager, Philippe Genot*

- **Cluster Members:** d'Memberen sinn d'Kärstéck vum Cluster an treffen sech am Kader vu verschiddenen Aarbechtsgruppen (Wood Material, Wood Transformation an Wood Construction). Hei ginn d'Projet'en definéiert an ëmgesat.

Projet'en déi de Cluster ugeet sinn vu verschiddener Natur, sief et generell Promotioun ronderëm d'Holz, konkret Projet'en am Holzbau, Austausch tëscht den verschiddenen Secteur'en, technesch Visitten am Ausland, an Projet'en an der Recherche oder an der Formatioun.

De Wood Cluster ass zënter Mëtt Mee funktionell an di éischt Projet'en an den eenzelen Secteur'en sinn an der Maach. Wëllt dier Member ginn beim Cluster oder weider Informatiounen iwwert de Wood Cluster kréien dann fëllt de Umeldeformulaire aus ënnert: www.woodcluster.lu oder mellt iech beim Wood Cluster Manager.

*Philippe Genot,*
*Wood Cluster Manager*

philippe.genot@luxinnovation.lu
www.woodcluster.lu
www.luxinnovation.lu



*D'Bëschcrèche zu Betzder geplangt vun Witry & Witry*